Depot : Fred Keup

5

Lëtzebuerg, den 3. Dezember 2025

PL 8587

**MOTIOUN**

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest, datt

- de Pilotprojet ALPHA just a véier Gemengen duerchgefouert gouf, déi kengesweegs representativ fir d'Gesamtstruktur vun der Bevëlkerung sinn;
- d'Regierung et ofgeleent huet, dee Pilotprojet op aner Gemengen auszedeenen, fir méi representativ a schlësseg Resultater vun där Reform ze erméiglechen;

ass sech bewosst, datt

- eng landeswäit Aféierung vun der Optioun „Alphabetiséierung op Franséisch", déi vun 2026 u gëllt, eng Reform duerstellt, där hir Konsequenzen am Moment nach net ofzeschätze sinn;
- d'Gefor besteet, datt vill Kanner, déi op Franséisch alphabetiséiert ginn, no der Primärschoul net genuch Däitschkenntnesser wäerten hunn, fir am Secondaire ze bestoen;
- eng landeswäit Aféierung vun der Optioun „Alphabetiséierung op Franséisch" zugläich d'Gefor a sech dréit, dass d'Roll vum Lëtzebuergeschen am Fondamental ofhuele wäert;

fuerdert d'Regierung op,

- eng ëmfaassend Evaluéierung vun der landeswäiter Ëmsetzung vum „Projet ALPHA" bannent fënnef Joer no Akraafttriede vun der Reform duerchféieren ze loossen;
- d'Resultater vun der Evaluéierung dem Parlament virzeleeën;
- gegeebenefalls gëeegent legislativ oder regulatoresch Moossname virzegesinn, fir d'Reform ganz oder deelweis unzepassen oder réckgängeg ze maachen, sollt d'Evaluéierung zu engem insgesamt negative Fazit kommen.

Fred Keup